ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12. Mäerz 2018

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Kulturminister weiderzeleeden.

Den Déifferdenger Buergermeeschter a ProSud-President Roberto Traversini huet rezent an der Presse verlaude gelooss, datt hien Demarchë lafen huet, fir d'Südregioun mat hiren Äerzofbau-Gebidder an hire charakteristeschen Bëscher a Plateauen als Unesco-Biosphären-Reservat schützen ze loossen.

An der Gemengerotssëtzung vum 7. Mäerz 2018 – (http://www.differdange.lu/administration/divers/infoblat/seance-du-7-mars-2018): Punkt 4 ab der Sequenz 37.40) – huet den Déifferdenger Buergermeeschter dëst nach emol präziséiert a bemierkt, datt bis September 2018 eng Demande an deem Sënn bei der Unesco kéint agereecht ginn.

Am Kader vun dëser Informatioun wollt ech e puer Froen un d'Madamm Ëmweltminister an un den Här Kulturminister stellen:

1. Wat genee bedeit esou e Klassement als Biosphären-Reservat?
2. Wat ass esou eenzegaarteg un deem fréieren Tagebau-Gebitt? Wou ass d'Plusvalue fir elo wëllen en Unesco-Biosphäre-Reservat an deem Gebitt auszeweisen?
3. Wéi sinn d'Pläng an d'Iddien, fir eng Regioun als Unesco-Site auszeweisen an ze schützen, kompatibel mat dem aktuelle Projet um Site vun der Gemeng Déifferdeng, fir do wëllen e Wandpark opzeriichten?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique